

Compte-rendu Entrevue Commission relation publique

Gemeng Helperknapp

Den 21.04.2021 um 19:30 Auer an der Koll zu Brouch

Rapport: Nathalie Simon-Stammet

Present :

Nicole Kuhn-Di Centa, Nathalie Simon-Stammet, Mariette Lux-Pepin, Joske Vosman, Patrick Ludwig, Patricia Pick, Paul Mangan

Invité :

David Raison vun www.tentwentyfour.lu

Excuséiert :

Claudine Michels

Ordre du jour :

1. Feedback Internetsite www.helperknapp.lu
2. Avis Affichage bei der Gemeng a Bicherkabinn
3. Divers

1.

De Paul Mangan begrüsst d' Membere vun der Kommissioun an den Här David Raison vun der Firma Tentwentyfour.

D' Firma gëtt et säit 2013 zu Esch, ass op Softwareentwécklung spezialiséiert a krut vun der Gemeng Helperknapp den Optrag, en neie Site ze erstellen mam content management system WordPress.

Wou bis déi nei Struktur stoung, ass de Contenu vum ale Site op deen neie Site iwwerdroe ginn.

Fir weider Infoen: <https://helperknapp.lu/aspects-legaux/>

Kritiséiert gëtt säitens de Membere vun der Kommissioun Folgendes:

Inhalt:

- Franséisch Intro
- Inaktuelle Contenu
- Feeler am Text, Grammatiksfeeler (d' Kommissioun gesäit et net als hir Aufgab de Site op Feeler ze verbessern)
- Bezeichnung vun de Casen (ma maison, ma famille, ma commune)

Optik/Struktur:

- Nonkonformitéit vun de Casen
- Konvergenz vun de Faarwen
- Verschidden informatesch Bugs (hängt vum Endgerät of Bsp.: scrollen um Handy funktionéiert deelweis net)

Avis:

D´Kommissioun proposéiert e méisproochege Site (à la base op lëtzebuergesch mat Auswiel däitsch, franséisch, englesch). Déi offiziell Dokumenter sinn op franséisch an net alles ka/soll/muss iwwersat ginn.

Punkto Optik feelt et der Kommissioun un Eleganz, Liichtegkeet, Kontrast an Originalitéit. En Design misst vun enger Agence ausgeschafft ginn.

D´Nathalie Simon freet de Joske Vosman, ob et eng Charte graphique gëtt, wou ee muss berécksiichtegen?

De Joske Vosman äntwert, dass eng Propose virläit zu där d´Kommissioun och wäert hiren Avis gefrot ginn.

Et ass wichteg, e Site systematesch à jour ze halen. Déi Persoun vum Gemengepersonal wou de Site verwalt, misst och am Fall vun Absence duerch e Back-up vertrauede ginn.

Der Kommissioun feelt de Fokus op d´Rubrik Aktualitéit.

Laut Patrick Ludwig, wär et wichteg gewiescht sech un anere Gemengesitten ze inspiréieren.

D´Kommissioun kuckt sech verschidde Sitten un. Visuell stécht de Site vun der Gemeng Miersch besonnesch ervir. D´Nathalie Simon bemierkt, dass och deemools beim Iwwergang vun hirem alen op hiren neie Site net alles direkt geklappt huet. D´Sitte vun der Gemeng Kielen a Miersch sinn net vum SIGI hebergéiert. D´Konzept an Design si vun e-connect.

Laut Nicole Kuhn-Di Centa misst een och aner Kommissiounen froen, och wann ee riskéiert, dass et méi komplizéiert gëtt. Et wär demokratesch och Jonger an eeler Leit em hir Meenung ze froen.

Et wär gutt, d´Hauptfoto jee no Saison ze wiesselen. Et stellt sech och d´Fro, ob een net eng Slideshow installéiert fir méi ze weise vun der Gemeng wéi just den Helperknapp.

D´Nathalie Simon freet, ob d´Gemeng iergendwellech Obligatiounen huet, wat a wéi publizéiert muss ginn, och punkto Inclusioun (leichte Sprache etc.) Gëtt et eng Guideline?

Laut David Raison sinn d´Gemenge fräi, awer de Staat huet eng Guideline : www.renow.lu

D´Nicole mengt, et wär gutt, sech extern beroden ze loossen an en Avis ze froen vun der Commission de l´intégration.

Da gett och nach bemierkt, dass de Site net ganz schnell reagéiert an d´Recherche klappen och net ëmmer.

Punkto Agenda: et wär gutt, wann all Manifestatioun agedroe wär (bspw. ass d´Reunioun vun der Kommissioun RP net agedroen). Et wär vu Virdeel, mat Faarwen ze schaffe fir ze differenzéieren.

Verschiede Membere stéieren sech drun, dass d´Météo an den Agenda op englesch sinn, mee dat ass wéinst de plug in´s.

D´Nathalie Simon bedauert, dass een net alleguer d´Partner an d´Haiser wou d´Gemeng Member ass, um Site fënnt, bspw d´Mierscher Lieshaus. Desweideren géif een Donnéeë fannen iwwert Tourismus wou relativ onprofessionell presentéiert sinn. Op www.visitguttland.lu fënnt een alleguer d´Infoen déi ee brauch – de Link geet deemno duer an et ass ee sécher, dass d´Donnéeën à jour sinn.

D´Datebank mat de Kontakter ass net iwwersiichtlech. Allgemeng gëtt se chaotesch empfonnt. D´Fotoe sinn deelweis net professionell an d´Informatiounen net eenheetlech.

D´Kommissioun kennt zur Konklusioun, dass eng nei Propose misst ausgeschafft ginn. Laut David Raison kann de Layout komplett geännert ginn, dëst awer mat vill Opwand. D´Membere vun der Kommissioun sinn unanime dofir, parallel e Site opzebauen, en online ze sëtze, wann e bis steet an den aktuellen dann ze läschen. Et misst e Cahier de charges opgesat ginn. Den David confirméiert, dass www.tentwentyfour.lu esou een Opdrag kann unhuelen. Den Input muss allerdéngs vum Opdraggeber kommen. Punkto Layout kann d´Kommissioun iwwert d´Proposen ofstëmmen.

De Paul Mangen seet dem David Raison merci, dass en sech Zäit geholl huet fir laanschtzekommen.

2.

En vue vun der Verbesserung vum Affichage bei der Gemeng huet de Service technique der Kommissioun een Aarbechtdokument zoukomme gelooss, op Basis vun dem mir sollen dem Schäfferot een Avis ofginn.

Dat bestoend Schëld virun der Gemeng soll ersat ginn. Op dëst soll d´Opschrëft an de Logo kommen. Desweideren gett eng Breifkëscht am Format DIN A3 an en Digitalraider (4 Modeller) installéiert.

Als éischt ass d´Kommissioun der Meenung, all Installatioun vu Sites & Monuments geneemegen ze loossen. Et géif een dovun ofgesinn, eng Installatioun un d´Fassad vun engem klasséierte Gebai ze maachen. Fir eppes wat no un der Strooss steet, misst een den Accord vu Ponts & Chaussées froen.

Der Kommissioun feelt et bei de Proposen un Originalitéit an d´Membere schwätze sech fir eng Spezialkonstruktioun aus fir Raider a Bréifboîte integréiert - lénks d´Bréifboîte (perpendiculaire zur Strooss) a riets d´Plaquette – alles am CORTEN (Raschoptik). Als 2. Optioun: d´Plaquette a Bronze gegoss.

Nicole Kuhn-Di Centa huet eng Referenz a gett dem Joske Vosman de Kontakt weider www.assy.lu

D´Nathalie Simon ass der Meenung fir en Ensemble ze kreéieren, kéint een och d´Weeweisscheld ersetzen. D´Schell an der Entrée vum Gemengenhaus ass zwar funktiounsfäeg awer schonn eng Zäitlaang agedréckt.

D´Sprooch op der Plaquette: Variatioun 1

Wat den Digitalraider ugeet, ass d´Kommissioun sech unanime eens, dass d´Plaz net gutt gewielt ass. Vu dass och Manifestatioune publizéiert ginn, wär et gutt en op enger Haaptachs wéi de Busarret Am Duerf wou och den Duerchgangsverkéier duerchgeet opzestellen. De Modell 4 mecht am meeschte Sënn, wann ee wäitsiichteg denkt an och een zu Brouch envisagéiert.

Positioun Bicherkabinn: Fir d´Bicherkabinn gelt dat selwecht – se soll siichtbar sinn. D´Kommissioun proposéiert de Parking bei der Kierch (idem fir Brouch). D´Bicherkabinn gëtt vun der Maison relais geréiert, vu dass et hire Projet ass.

Do wou den digitale Raider sollt bei d´Gemengenhaus stoe kommen, proposéiert d´Kommissioun eng behënnertegerecht Parkplaz.

3.

Et gett kritiséiert, dass ee fir all Schratt bei enger Demarche e Rendez-vous muss froen, wat net nëmme fir de Bierger eng Komplikatioun duerstellt mee och fir d´Gemengepersonal.

D´Nathalie Simon géif et begréissen, wann d´Wifi Coden an de Gemengesäll affichéiert wäeren. A Gemengesäll an anere Gemengen hänkt d´Info bspw. op der Dier als QR Code, wat immens praktesch ass.

De Paul bemierkt, dass d´Gemeng Useldeng op der regionaler Vélospist eng Virriichtung um Buedem installéiert huet, déi d´Autoen ewechhält awer déi landwirtschaftlech Maschinne passéiere léisst. Dës Installatioun gëtt als geféierlech agestuuft a gouf mat der Gemeng Helperknapp net ofgeschwat. D´Kommissioun ass der Meenung, dass ee mat der Nopeschgemeng op schnellstem Wee Kontakt misst ophuelen.

Nächsten Datum: 31.05.2021 um 19:00 Auer an der Koll